


# DE RECHTSSTAAT: E KLENGE GUIDE

VENICE COMMISSION
COMMISSION DE VENISE

COUNCIL OF EUROPE
CONSEIL DE L'EUROPE

# RECHTSSTAAT, DEMOKRATIE, MËNSCHERECHTER

## De Rechtsstaat, d’Demokratie an d’Mënscherechter sinn déi dräi Piliere vum Europarot. Si sinn enk matenee verbonnen a kënnen net vunenee getrennt ginn.

- D’Demokratie garantéiert datt d’Biergerinnen an d’Bierger un den ëffentlechen Entscheedungen deelhuele kënnen.
- D’Mënscherechter schützen de Mënsch géint willkürlech an exzessiv Aschnëtter a seng Fräiheeten, a garantéieren de Respekt vu senger Würd.
- E Staat, deen op Rechtsstaatlechkeet berout, suergt dofir datt d’Ausübe vun der Staatsgewalt encadréiert a kontrolléiert gëtt.

E Rechtsstaat fërdert d’Demokratie. E suergt dofir, datt déi Persounen, déi déi ëffentlech Gewalt ausüben, eng Rechenschaftsflicht vis-a-vis vun de Biergerinnen a Bierger hunn. E garantéiert och de Schutz vun de Mënscherechter duerch eng onofhängeg an onparteiesch Justiz, a schützt d’Minoritéite viru willkürlechen Entscheedunge vun der Majoritéit.

**Wisou ass dat wichteg?**

E Staat ouni kloer Reegelen ass ufälleg fir Instabilitéit a Willkür.

De Rechtsstaat schützt d’Grondfräiheete vun all Persoun. Hien ass d’Grondlag vun all de modernen Demokratien.

## De Rechtsstaat berout op fënnef Grondprinzippien:

- **Legalitéit –** D'Gesetzer gëlle fir jiddereen a grenzen d'Staatsgewalt an.
- **Rechtssécherheet –** D'Gesetzer si kloer, accessibel a previsibel.
- **Verhënnerung vu Muechtmëssbrauch –** Et gi Kontrollen duerchgefouert fir willkürlech Entscheedungen ze vermeiden.
- **Gläichheet virum Gesetz an Net-Diskriminéierung –** D'Gesetzer schützen all Persoun a gi fir jiddereen d'selwecht ugewant. Diskriminéierung ass verbueden.
- **Zougang zu enger onofhängeger an onparteiescher Justiz –** All Persoun kann hir Rechter viru Geriicht verdeedegen.

'Lady Justice'-Illustratioune vun der malteesescher Kënschtlerin Nadine Theuma





# LEGALITÉIT

## D’Gesetzer gëlle fir jiddereen a grenzen d’Staatsgewalt an.


**An engem Rechtsstaat sinn d’Handlunge vun den Autoritéite souwéi vun de Biergerinnen a Bierger duerch demokratesch adoptéiert Gesetzer gereegelt. D’Exekutivgewalt kann hir Muecht an hire Wëllen net ouni Aschränkungen oder Opsiicht ausüben.**

### Grondprinzippien

- All Entscheedung muss am Aklang mam Gesetz geholl ginn.
- D’Gesetzer mussen an engem kloren an transparenten demokratesche Prozess gestëmmt ginn.
- D’Entscheedunge vun den ëffentlechen Autoritéite mussen duerch onofhängeg Geriichter kontrolléiert ginn. Dës Staatsgewalte kënne sech keng nei Pouvoiren araumen, ouni d’Reegelen ze befollegen, déi an der Verfassung verankert sinn.
- International Ofkommessen a Verträg, souwéi Entscheedunge vun internationale Geriichter mussen ugewant a respektéiert ginn.
- D’Gesetz muss effektiv ëmgesat ginn.

**Wisou ass dat wichteg?**

Wann d’Staatsgewalt d’Gesetzer net respektéiere misst, kéint se hir Muecht mëssbrauchen. Sou kéint eng Regierung zum Beispill d’Fräiheete vu senge Biergerinnen a Bierger aschränke wéi et hir grad passt. D’Kloerheet an de Respekt vun demokratesch adoptéierte Gesetzer sinn de Garant fir Gerechtegkeet a Gläichheet fir jiddereen.



# RECHTSSÉCHERHEET


## D’Gesetzer si kloer, accessibel a previsibel.

**D’Rechtssécherheet garantéiert, datt d’Gesetzer kloer, accessibel a previsibel sinn, an datt si net réckwierkend kënnen ugewant ginn. Op dës Manéier ka séchergestallt ginn, datt all Persoun seng Rechter a Flichten am Viraus kennt.**

### Grondprinzippien

- Gesetzer an Entscheedunge vun de Geriichter musse liicht zougänglech a verständlech sinn.
- D’Gesetzer dierfen net onberechenbar geännert ginn a musse kohärent bleiwen.
- Eng Persoun dierf net fir eng Handlung verurteelt ginn, déi zu deem Moment wou se ausgefouert gouf, net als Strofdot definéiert war.

**Wisou ass dat wichteg?**
Fir datt all Persoun am Vertrauen handele kann, muss si hir Rechter a Flichte kennen. Gesetzer déi vag sinn oder stänneg wiessele schafen Onsécherheet an Instabilitéit. Doduerch si Persounen onberechenbare Sanktiounen ausgesat.



# VERHËNNERUNG VU MUECHTMËSSBRAUCH

## Et gi Kontrollen duerchgefouert fir willkürlech Entscheedungen ze vermeiden.


**Eng Staatsgewalt déi net ageschränkt oder kontrolléiert gëtt féiert zu Ongerechtegkeet. Eng absolut Staatsgewalt bréngt Gefore mat sech wéi Willkür, Korruptioun a politesch Ënnerdréckung. Esou kann zum Beispill eng exzessiv Iwwerwaachung, ouni juristesch Geneemegung oder Kontroll, zu Verletzunge vun de Mënscherechter féieren.**

### Grondprinzippien

- Gewaltentrennung: D'Staatsgewalten dierfen net an der Hand vun enger eenzeger Autoritéit sinn.
- Begrënnungsflicht: D'Decisioune vun de Staatsgewalte musse begrënnt an erkläert ginn.
- Geriichtlech Iwwerpréiwung: Sämtlech ëffentlech Entscheedunge musse kënne virun onofhängegen an onparteiesche Geriichter ugefecht ginn.

**Wisou ass dat wichteg?**

Ouni Opsiicht, kéint eng Regierung willkürlech Entscheedungen treffen, seng Géigner zenséieren oder souguer Grondfräiheeten ofschafen. De Rechtsstaat schaaft Garantië fir esou Abusen ze verhënneren.



# GLÄICHHEET VIRUM GESETZ AN NET-DISKRIMINÉIERUNG

## D'Gesetzer schützen all Persoun a gi fir jiddereen d'selwecht ugewant. Diskriminéierung ass verbueden.

**De Rechtsstaat verlaangt datt all Mënsch déi selwecht gesetzlech verankert Rechter a Flichten huet, an datt et keng ongerechtfäerdegt Differenzéierung dierf ginn, an der Aart a Weis wéi ee behandelt gëtt.**

### Grondprinzippien

- Et dierf keng onbegrënnten Differenzéierung tëscht de Mënschen ugewant ginn, weder am Gesetz nach a senger Ëmsetzung.
- Et muss e Schutz géint all Form vun Diskriminéierung garantéiert ginn.
- All Persoun muss déi selwecht Rechter a Flichte garantéiert kréien.
- All Affer vun Diskriminéierung muss sech dogéint verdeedege kënnen.

**Wichteg Fortschrëtter – D'Walrecht fir Fraen als Beispill**

Datt Fraen an Europa eréischt sou spéit d'Walrecht accordéiert kruten, ass e Beispill vun enger historescher Diskriminéierung. Finnland war dat éischt Land an Europa, dat 1906 d'Walrecht fir Fraen agefouert huet. Mee eréischt zanter 1984 ass dat Recht ouni Ausnam a ganz Europa unerkannt. Haut raumt de Rechtsstaat de Fraen net nëmmen d'Walrecht an, mee garantéiert a fërdert och hir aktiv Bedeelegung um politesche Liewen, ouni Diskriminéierung.



# ZOUGANG ZU ENGER ONOFHÄNGEGER AN ONPARTEIESCHER JUSTIZ

## All Persoun kann hir Rechter viru Geriicht verdeedegen.

**Duerch den Zougang zu engem onofhängegen an onparteiesche Geriicht, kritt all Persoun d'Méiglechkeet seng Rechter ze verdeedegen. An deem Sënn huet den Europäesche Mënscherechtshaff tranchéiert, datt d'Rechter vun den Demandeure verletzt goufen, wann si zum Beispill d'Kënnegung vum Aarbechtsverhältnis, d'Entzéie vu Privateegentum oder d'Sträiche vum Besuchsrecht vun de Kanner *(Droit de visite)* net viru Geriicht ufechte konnten. E schnellen an accessibele Justizsystem ass kruzial fir d'Gläichstellung vun all Persoun virum Gesetz.**

### Grondprinzippien

- All Persoun ka sech un e Geriicht wenden an huet Recht op ee gerecht Verfare virun engem onofhängegen an onparteiesche Geriicht.
- D'Urteeler sinn accessibel a verständlech formuléiert.
- Persounen, déi net déi néideg finanziell Mëttelen hunn, kënnen op eng juristesch Berodung oder eng Rechtshëllef (Assistance judiciaire) zréckgräifen.
- D'Prozedure sinn a raisonnabelen Delaien a gënschteg.
- Geriichtlech Entscheedunge gi vollstreckt.

**Wisou ass dat wichteg?**

Ouni Zougang zur Justiz kéinte geschiedegt Bierger hir Rechter net duerchsetzen. De Staat muss garantéieren, datt et onofhängeg Geriichter gëtt grad esou wéi eng Justiz, déi fir jiddereen accessibel ass.


PAX
TIBI
MAR
EVAN
GELI

# RECHTSSTAATLECHKEET AN DER PRAXIS

## D'Roll vun der Venedeg-Kommissioun vum Europarot

**D'Venedeg-Kommissioun huet hire Memberstaaten dobäi gehollef Verfassungen auszeschaffen, an deenen d'Ëmsetzung vun de Prinzippie vun der Rechtsstaatlechkeet virgesinn ass. D'Kommissioun huet och e weidert Instrument erstallt, eng sougenannten «Rule of Law Checklist», mat deem een iwwerpréiwe kann awéiwäit ee bestëmmte Land d'Prinzippie vun der Rechtsstaatlechkeet ëmgesat huet.**

### «Rule of Law Checklist» vun der Venedeg-Kommissioun

D'«Rule of Law Checklist» vun der Venedeg-Kommissioun gouf 2016 ausgeschafft, a stellt déi fundamental Prinzippie vum Rechtsstaat vir: Rechtméissegkeet, Rechtssécherheet, Preventioun vu Muecht- an Amtsmëssbrauch, Zougang zur Justiz, Gläichstellung an Net-Diskriminatioun. Dat Ganzt ënnert der Form vu Referenzwäerter mat genaue Parameteren an entspriechende Quellen.

Unhand vun dëser Checklëscht kënnen d'Regierung, d'Parlament, d'Zivilgesellschaft, d'Biergerinnen an d'Bierger, mee och international Organisatiounen evaluéieren a wéi engem Mooss d'Prinzippie vum Rechtsstaat an engem bestëmmte Land respektéiert ginn. Esou erméiglecht dës Checklëscht et och Schwaachstellen oder Lacunnen z'identifizéieren, déi staatlech Moossnamen erfuerderen. D'Venedeg-Kommissioun huet eng Rëtsch vu Recommandatiounen ausgeschafft, wéi een dës Schwaachstellen a Lacunne behiewe kann.

## Wee si mir?

D'Venedeg-Kommissioun «fir Demokratie duerch Recht», déi aus onofhängegen Experte besteet, ass d'Berodungsorgan vum Europarot zum Thema Verfassungsrecht.

Si gouf den 10. Mee 1990, op der Grondlag vun enger Initiativ vum italieenesche Wëssenschaftler Antonio La Pergola, gegrënnt. Nom Fall vun der Berliner Mauer huet si ville fréiere sozialistesche Staaten dobäi gehollef demokratesch Verfassungen a Gesetzer ze adoptéieren, an doropshin dem Europarot bäizetrieden.

Haut ënnerstëtzt si hir Memberstaaten dobäi konstitutionell a legislativ Reformen auszeschaffen, déi den internationalen Normen entspriechen. D'Anhale vun de Recommandatioune vun der Kommissioun vereinfachen och de Bäitrëtt zur europäescher Unioun.

## Missioun

Op Ufro an op der Grondlag vun engem ausféierleche Consultatiounsprozess mat den nationalen Autoritéiten, de staatlechen Institutiounen, Interessevertrieder an der Zivilgesellschaft evaluéiert d'Venedeg-Kommissioun déi konstitutionell a legislativ Reformen, besonnesch am Beräich vun de Walen an der Justiz. Doropshi schafft si onverbindlech Recommandatiounen aus, wéi dës Reforme kënne verbessert gi fir d'Prinzippie vun der Demokratie, vun de Mënscherechter a vum Rechtsstaat ze respektéieren an ëmzesetzen, fir esou effizient a zouverlässeg Regierungssystemer ze schafen.

## Memberstaaten

D'Venedeg-Kommissioun besteet aus de 46 Memberstaate vum Europarot a weidere 15 Staaten aus Amerika, Afrika an Asien.

## Firwat Venedeg?

Hiren Numm huet déi «Europäesch Kommissioun fir Demokratie duerch Recht» vun der «Venedeg-Kommissioun» iwwerholl – benannt no der bekannter italieenescher Lagunestad. Hei gouf hir éischt Sëtzung ofgehalen an hei kënnt d’Kommissioun och weiderhi véier Mol pro Joer zesummen.

## 1990-2025: Wat gouf bis haut erreecht?

A 35 Joer huet d’Venedeg-Kommissioun vill erreecht. Well si onofhängeg, onparteiesch, professionell an inklusiv schafft, huet d’Kommissioun e wesentleche Bäitrag bei der Adoptioun vun demokratesche Verfassungen an der Aféierung vun demokratesche Prozedure geleescht. D’Kommissioun huet och dozou bäigedroen, datt d’Prinzippie vum Rechtsstaat weider agehale ginn, an d’Gewaltentrennung an d’Onofhängegkeet vun der Justiz an hire Memberstaate gestäerkt gëtt.

- **1000+**: Unzuel un Avisen a Rapporten iwwer konstitutionell a legislativ Reformen
- **50+**: Unzuel u Verfassungen, déi mat Hëllef vun der Kommissioun entworf oder iwwerschafft goufen
- **200+**: Unzuel un onofhängege juristeschen Experten, déi d’Aarbecht vun der Kommissioun ënnerstëtzt hunn

**Firwat betrëfft dat eis all?**
**Rechtsstaatlechkeet, dat bedeit:**

Eng stabel a friddlech Demokratie.
Biergerinnen a Bierger, déi fräi sinn, a virun Diskriminéierung geschützt sinn.
Eng méi fair a gerecht Gesellschaft.

Illustratiounen: Nadine Theuma

Keen Extrait aus dëser Publikatioun kann iwwersat, reproduzéiert, ofgespäichert oder weidergeleet ginn, ouni datt am Virfeld eng Erlabnis vun der Kommunikatiounsdirektioun virläit. (F-67075 Strasbourg Cedex oder publishing@coe.int).

Fotoen © Conseil de l'Europe

Publizéiert vum Europarot
F-67075 Strasbourg Cedex
**www.coe.int**

© Europarot, Dezember 2025

**Internetsite vun der Venedeg-Kommissioun**
https://venice.coe.int



Dës Broschür befaasst sech mat de wesentleche Prinzippie vum Rechtsstaat: Rechtméissegkeet, Rechtssécherheet, Preventioun vun Muechtmëssbrauch, Gläichstellung virum Gesetz an Zougang zur Justiz. Dës Prinzippie bilden de Grondstee vun der Demokratie an de Mënscherechter, si garantéieren eng verantwortungsvoll Staatsféierung, individuell Fräiheeten a sozial Gerechtegkeet. Entdeckt wéi den Europarot, duerch d'Aarbechte vun der Venedeg-Kommissioun, de Staaten dobäi hëlleft dës Normen anzehalen, a seng Biergerinnen a Bierger viru willkürlechen Entscheedungen ze schützen. Egal ob Dir Politiker, Student oder en engagéierte Bierger sidd – dëse Guide erkläert Iech firwat de Rechtsstaat wichteg ass a wéi hien eis Fräiheeten dagdeeglech schützt.

LTZ

**www.coe.int**

Den Europarot ass déi wichtegst europäesch Organisatioun fir Mënscherechter. Si besteet aus 46 Memberstaaten, dorënner d'Membere vun der Europäescher Unioun. All d'Memberstaate vum Europarot hunn déi europäesch Mënscherechtskonventioun ënnerschriwwen, e Vertrag fir de Schutz vun de Mënscherechter, der Demokratie an dem Rechtsstaat. Den europäesche Mënscherechtshaff iwwerwaacht d'Ëmsetzung vun der Konventioun an de Memberstaaten.

VENICE COMMISSION
COMMISSION DE VENISE

COUNCIL OF EUROPE
CONSEIL DE L'EUROPE